N°2104
Entrée le 01.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N°2104 vum 17. Mäerz 2025 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwer d'éischt Klass an den Zich am Kader vum Gratis ëffentlechen Transport.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer d'éischt Klass an den Zich am Kader vum Gratis ëffentlechen Transport.

D'éischt Klass am Zuch gëtt an der Reegel systematesch kontrolléiert. D'Haaptmissioune vum Zuchpersonal bestinn awer virun allem doranner fir un den Aufgaben a Flichten, déi am Kader vun der betriblecher Reglementatioun virgesi sinn, deelzehuelen an dës ëmzesetzen, an d'Sécherheet vun de Clienten am Zuch ze garantéieren.

Dofir kann et virkommen, dass a staark besaten Zich, a jee no Fuerzäit tëschent de verschiddenen Arrêten/Garen a jee no Zesummesetzung vum Zuch, et dem Zuchpersonal net ëmmer méiglech ass eng weider Kontroll a sämtlechen éischt Klass Kompartimenter vun engem Zuch duerchzeféieren.

Laut der aktueller Gesetzesgebung huet d'Zuchpersonal d'Méiglechkeet fir eng administrativ Amende auszestellen, am Fall wou ee Client bei der Kontroll an der éischter Klass kee gëltege Billjee ka virweise.

Fir awer déi Clienten, déi iertemlecherweis Plaz an der éischter Klass geholl hunn, respektiv déi, déi nach een éischt Klass Billjee am Zuch beim Zuchpersonal wëlle kafen, net direkt ze penaliséieren, informéiert d'Zuchpersonal bei der Kontroll vun der éischter Klass déi Clienten, dass et sech hei em eng "Zone payante" handelt, an dass si d'Méiglechkeet hu fir ee Billjee op der Plaz am Zuch ze kafen.

Sollt de Client kee Billjee wëlle kafen, gëtt hien dann opgefuerdert sech an der zweeter Klass Plaz ze huelen. Am Fall wou hien dëser Opfuerderung awer net nokomme wëll, an och kee Billjee wëll kafen, gëtt dësen dann als „Voyageur en situation irrégulière" consideréiert, a muss eng administrativ Amende bezuelen.

Op Initiativ vun den CFL,  gëtt de Cliente ab dem 1. Januar 2023 d'Faart an der éischter Klass, am Fall wou déi éischt Klass am Zuch deklasséiert gouf, remboursséiert. Dofir sinn d'Donnéeën virun 2023 net disponibel.

Heidrënner dann déi disponibel Zuele wat d'Unzuel vun Zich ubelaangt wou déi éischt Klass deklasséiert gouf.

| | ***2023*** | ***2024*** | ***2025*** *Januar a Februar* |
|---|---|---|---|
| Unzuel u gefuerenen Zich | 281 156 | 284 113 | 47 185 |
| Unzuel un Zich wou déi éischt Klass deklasséiert gouf | 212 | 233 | 44 |

Am Fall wou déi éischt Klass deklasséiert muss ginn, mécht d'Zuchpersonal eng entspriechend Duerchsoe, an där och d'Clienten aus der éischter Klass iwwert d'Méiglechkeet fir e Remboursement fir des Faart unzefroen informéiert ginn.

Déi betraffe Cliente kënnen dann iwwer ee Formulaire op dem Internetsite www.cfl.lu de Remboursement fir d'Faart, wou d'1. Klass deklasséiert ginn ass, ufroen.

Zënter der Aféierung vun der Méiglechkeet op ee Remboursement am Fall vun engem Deklassement, gouf follgend Unzuel un Ufroen traitéiert an accordéiert :

| | **2023** | **2024** | **2025** (bis de 25.02) |
|---|---|---|---|
| Ufroen op ee Remboursement | 81 | 125 | 13 |
| Ufroen déi accordéiert goufen | 80 | 117 | 13 |
| Betrag an € deen ausbezuelt gouf | 180,00 | 308,40 | 28,00 |

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2025

Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko BACKES